N°2055
Entrée le 14.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier Bettel op déi urgent parlamentaresch Fro n°2055 vum 10 Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

De Ministère fir auswäerteg an europäesch Ugeleeënheeten, Verdeedegung, Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel ass zudéifst beonrouegt an alarméiert iwwert de Gewaltausbroch mat villen Doudegen, an déi schlëmm Verbriechen un Zivilisten, déi viru puer Deeg an der Küsteregioun vu Syrie begaange gi sinn. De Ministère verurteelt op dat Schäerfst dës schrecklech Gewaltdoten déi riskéieren den nationalen Dialog, deen Enn Februar lancéiert ginn ass, a Gefor ze bréngen an déi fragil Stabilitéit am Land ze kippen. All reliéis an ethnesch Gruppen am Land mussen a Fräiheet a Sécherheet liewe kënnen, fräi vun Diskriminéierung a Gewalt. Et ass dofir wichteg dass d'Täter vun dëse Gewaltdoten, am Aklang mat den Normen a Standarde vum internationale Recht, zur Rechenschaft gezu ginn. De Ministère begréisst dofir dass d'syresch Iwwergangsregierung sech zu enger séierer, transparenter an gréndlecher Ermëttlung verpflicht huet, an zu dësem Zweck eng *Commission d'Enquête* wëll opstellen. Zousätzlech sëtzt sech den Ministère an, dass d'syresch Iwwergangsregierung och eng Enquête vun der *onofhängeger internationaler Commission d'Enquête fir Syrien* autoriséiert, déi en Mandat vum UN Mënscherechtsrot huet fir iwwert präsuméiert Mënscherechtsverletzungen am Land ze ermëttelen. An dësem Kontext, ass de Ministère der Usiicht dass et ubruecht ass weiderhi virsichteg bei dem syreschen Transformatiounsprozess ze sinn dee vum Ministère genee suivéiert gett. D'Obhiewung vu Sanktioune muss schlussendlech dovun ofhänken a wéi engem Mooss d'syresch Iwwergangsregierung hir Verspriechen anhält, dorënner och am Bezuch op dës schlëmm Gewaltdoten.

Luxembourg, den 14 Mäerz 2025

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel